Samschdig, den 11. Mee 2019
Am Festsall zu Waasserbëlleg

vun 18Auer30 un

E Stréifzuch duerch Frankräich
mat Chanson, Musical, Oper a Vollekslidder.

Zesummen mat,

der Sopranistin	Gaby Wolter-Boever
der Pianistin	Hana Böhm-Robotková
der „Chorale Municipale“	Sängerbond Museldall Waasserbëlleg a sengen Solisten
der Dirigentin	Viviane Kohn-Hames

Virumeldung bis den 6. Mee 2019 duerch Iwwerweisung
op de Kont bei der BCEE LU57 0019 9300 5600 8000

ENTREESPRÄIS **15€** • ENTREESPRÄIS MAT CASSOULET **30€**

Vun 18Auer30 bis 19Auer30 zerwéiere mir:
-„Cassoulet“, eng Spézialitéit vun „Castelnaudry“ bei Toulon (Virbestellung).
aus Alternatif e Kéisteller, mat ausgewielten Kéisen aus Frankräich.

De ganzen Owend, Wäiner aus den beschten Regiounen vu Frankräich
erausgesicht vun der Oenologin Madamm Claudia Flöther
vun dem „Celliers des Grands Crus“ vu Mäertert.

Deel I „Opéra & Chansons populaires“

Ufank: 20 Auer

1	**Cœur des soldats «Faust»** *Gemeng Mäertert-Waasserbëlleg	Ch. Gounod
2	**Sérénade**	R. Vuilleumier
3	**Aubade de l’ensoleillad «Chérubin»** Solo Gaby Wolter-Boever	J. Massenet
4	**Angélus de la mer** Solist Georges Mahnen *Gust Stefanetti, Éirebuergermeeschter, Waasserbëlleg	G. Goublier arr. P. Nimax
5	**Les Montagnards**	A. Roland arr. Th. Kritter
6	**Conduisez-moi vers celui que j’adore «Robinson Crusoé»** Solo Gaby Wolter-Boever	J. Offenbach
7	**Torero Marche «Carmen»** *Jérome Laurent, Buergermeeschter Gemeng Mäertert-Waasserbëlleg	G. Bizet
8	**Les Trois Cloches** Solistes Romain an Yvon Streff *Claude Bache, Dechen Par Musel a Syr Saint Jacques, Gréiwemaacher	Gilles (Jean Villard)
9	**De Jang à Paris** *Carrelages Ekelmann s.a.r.l, Manternach	J. P. Schmit
10	**Märile’ni «Joffer Marie-Madeleine»**	J. Imdahl
11	**La Provence** *Michel Kohn, Nidderaanwen	R. Siegel arr. J. Hoffmann
12	**Le Temps des Cerises** Solo Alain Biver	A. Renard arr. G. Petsilas
13	**Marche des Petits Oignons** *Café Aquarium, Germaine an Vincent Prosperi Waasserbëlleg.	J. Bovet

***Mir soen de Sponsoren vun eise Lidder e grousse MERCI!**

Mir hun , fir Eech, en schéin Tombola zesummegestallt, mat:

Extra Produkter aus Frankräich, franséischem Schampagner, Crémant a Wäiner aus de bekanntesten Regiounen vum Hexagone.

Deel II „Chansons & Musical“

1	Sous les ponts de Paris	V. Scotto arr. V. Hames
2	La Mer «Charles Trenet» *Jos Battaglia, Waasserbëlleg	arr. V. Hames
3	Les Chemins de l'Amour Solo Gaby Wolter-Boever	F. Poulenc
4	La Vie en rose «Edith Piaf» *FERISOL s.a.r.l., Berbourg	arr. R. Siegel
5	I love Paris «Die oberen Zehntausend» Solo Gaby Wolter-Boever	C. Porter
6	Bring him home «Les Misérables» *Gemeng Mäertert-Waasserbëlleg	C.M Schönberg arr. J. Leavitt
7	Domino	L. Ferrari arr. P. Nimax
8	Le Jour ou la pluie viendra Solist Emile Elsen *Chantal Streff-Servais, Waasserbëlleg	G. Becaud
9	Je te veux Solo Gaby Wolter-Boever	E. Satie
10	L'important c'est la rose *Romain Streff, Steenem	G. Becaud arr. V. Hames
11	Les feuilles mortes Solo Pit Kohn	J. Kosma
12	Quand il est mort le poéte Solist Raymond Thinnes *Queen's Café, Waasserbëlleg	G. Becaud arr. Viviane Hames
13	Mille Colombes Solist Gaby Wolter-Boever	Ch. Bruhn

Electricité H U R T Décoration
35-37, Grand'rue - L-6630 WAASSERBILLIG
www.hurt-wasserbillig.com - hurt@hurt-wasserbillig.com
T. 74 00 38

Gaby Wolter-Boever

D'Gaby Boever ass zu Wolz op d'Welt komm an huet seng musekalesch Studien an der Musekschoul vun der Ardennestad an der Klass vum J.P. Majerus ugefaang.

Duerno Schülerin an der Gesangs- a Lyrikklass vun der Madamm Mariette Lentz am Conservatoire zu Ettelbréck. 2009 huet d'Gaby de „Prix supérieur en chant" an 2011 «en art lyrique» mat der Mentioun «distinction» gemach.

Huet sech an verschiddenen Stagen a Masterklassen weidergebillt, wéi: Sylvie Geszty an Ungarn, Zeger Vandersteene an Élise Gäbele an der Belscht, Nathalie Usselmann an Däitschland, Marie Brojer an Éisterräich.

Als aktive Member vun dem Vokalensembel „Cantica" huet hat seng Passioun fir déi Sakral Musek entdeckt. D'Gaby Wolter-Boever ass regelmässig bei villen Concerten als Solistin opgetrueden, der Maîtrise vun der Kathedral, Cantica, der lëtzebuerger Militärmusek, der Ettelbrécker Stadmusek, de Sängerfreed Beetebuerg, Luxembourg Philharmonia an dem Sängerbond Dikrech.

Desweideren Solistin bei renomméierten Orchesteren wéi zum Beispill „Estro Armonica, les Musiciens, l'Orchestre de chambre du Luxembourg (OCL)".

2011 konnt d'Gaby, ënner der Leedung vum Gordon Bragg zesummen mam OPL (Orchestre Philharmonique Luxembourg) als Laureatin vun der „Division Suérieure" 2009-2010 vun den 3 Conservatoiren zu Lëtzebuerg, optrieden. **Mit Arien aus „Linda di Chamonix" von Gaetano Donizetti, der „Arie der Konstanze" aus der Entführung aus dem Serail von Wolfgang Amadeus Mozart und der „Arie der Adele" aus der Fledermaus von Johann Strauß stellte Gaby Wolter-Boever ihre gesangliche Klangvielfalt und ihr Einfühlungsvermögen in die dargestellten Personen unter Beweis. (Wort 11.02.2011)**

Am Kader vum Maarnecher Festival huet d'Sängerin eng Concertstournée, mat dem, an der Musekwelt international ganz bekannten Bléiserquintett „Magnifica" vu Paräis, gemach.

Och ass d'Sopranistin Gaby Wolter-Boever als „Eurydike" an der Oper „Orpheus in der Unterwelt" vum Jacques Offenbach an als „Valencienne" an der Operett „Die lustige Witwe" vum Franz Léhar, dat heescht an der weiblecher Haptroll, opgetrueden.

Eis Solistin huet e groussen Interessi un, an sech deelweis, der „mélodie française" an dem däitschen „Lied", verschriwwen.